ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 14/11/2023

Rapport vun der Kommissioun Vivre ensemble interculturel

Presenzen

Present	Net present
Véronique Peiffer	Stefanie Block (entschëllegt)
Lydie Ruppert	Veena Kaur (entschëllegt)
Rosie Brandenburger	Toni Pinto (entschëllegt)
Magali De Rocco	
Sylvia Origer	
Marie Sadler	
Samantha Fernandez	
Jean-Claude Bisenius	
Expert(s):	
Jean Sadler	
Philippe Chennaux	

Ordre du Jour

- 1. Begréissung vum Délégué vun der Commissioun
- 2. Organisatioun vum Chrëschtmaart zu Brouch Dezember 2023
- 3. Diskussioun iwert eventuell bestoend Evenementer
- 4. Ideen fir eventuell néi Evenementer
- 5. Wal vum Comité
- 6. Verschiddenes…
- 7. Rendez-Vous fir néi Versammlung

Helperknapp, 14/11/2023

1. Begréissung vum délégué vun der Kommissioun

2. Divers Diskussiounen iwert den Chrëschtmaart zu Brouch 2023

De Jean Sadler huet eis drop higewisen dass an sech alles organiséiert ass vun deene verschiddene Clubs, a mir awer gäre kéinten eis Ideeen a Virschléi abréngen.

Decidéiert gouf dass mir eisen Deel zum Chrëschtmaart bäidroen, an d'Magali De Rocco huet dem entspriechend Kontakt zu der Caritas an der Croix Rouge opgeholl (Kontakt Ben Ruppert).

Mir hu festgehalen ee Wonschbeemchen an d'Liewen ze ruffen, mir loossen d´Kanner vun der Caritas an der Croix Rouge hier eege Stäre bastelen.

De Slogan vun dëser Aktioun heescht : „Schenk Freed"

De Beemche gëtt opgestallt an der Koll wärend dem Chrëschtmaart.

D'Stäre ginn dann un de Beemche gehaangen um Chrëschtmaart, an d´Léit kennen se dann do kafe fir engem Kand ee Kaddo ze schenken.

D'Lydie brauch ee Bréif vun der Gemeng fir de Cactus mam Budget pro Kaddo.

D'Samantha bastelt e Katalog mat Kaddos Ideeen fir d´Kanner (baséierend op de Katalog vum Cactus).

Präis viraussiichtlech 25€ pro Kand am Verkaf, et handelt sech em een Total vun +- 70 Kanner.

Kucken op d'Gemeng an de Cactus bereet wäre bei ze steiere fir de Wäert vum Kaddo ze erheigen.

3. Dëst Joer huet keng Soirée de Bienvenue statt fonnt, des soll weiderhi bestoe bleiwen an organiséiert gi.

4. Zukünfteg Projete bleiwen ze definéieren.

5. Vote: Ass ugeholl mat folgenden Posten :

- Presidentin : Véronique Peiffer
- Vize-Presidentin : Rosie Brandenburger
- Sekretärin : Marie Sadler

Helperknapp, 14/11/2023

6. Hiweis gouf virgelued, dass mir eng “Commissioun consultative” sinn, an dem entspriechend berode kennen, mee net zoustänneg a verantwortlech si fir déi ganz Organisatioun. D’Detailer vum ROI sinn ze iwwerschaffen, eventuell Iddeeen bei aneren Gemengen huelen?

7. Rendez-Vous fir di next Versammlung ass den 22/11/2023 19:30h

Véronique Peiffer
Presidentin

Marie Sadler
Sekretärin